N° 4204
Reçue le 04.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.05.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Energieminister an un den Här Transportminister weiderzeleeden.

Am Kader vun der Diskussioun iwwert d'Evolutioune vum Klima gëtt reegelméisseg de Verbuet vu Kuerzstreckefligg debattéiert. Och op Seminairen an a Presseartikelen zu Lëtzebuerger gëtt esou eng Iddi diskutéiert. Als eng méi "klimafrëndlech" Alternativ gëtt virun allem d'Eisebunn propagéiert.

Dowéinst géife mir der Regierung gär des Froe stellen:

1) Envisagéiert d'Regierung aktuell e Verbuet vu Kuerzstreckefligg vum Findel aus oder op de Findel?
2) Falls jo, wéi eng Parametere gi bei der Definitioun vu sou engem Kuerzstreckeflug applizéiert? Wéi eng Fluglinne a wéi eng Destinatioune kéinte konkret betraff sinn?
3) Wéi eng Gespréicher lafe mat eisen direkten Noperen zum eventuellen Ausbau vun alternativen Eisebunnslinnen, respektiv Connectiounen ?
4) Wéi gedenkt d'Regierung sécherzestellen, datt eis Bierger net opgrond vun engem Zesummespill vum Verbuet vu Fluglinnen a restriktive verkéierspoliteschen Decisiounen an den Nopeschlänner, besonnesch am Beräich vun der Eisebunn, ëmmer méi vun de Reseaue vum internationalen Trafic ofgeschnidde ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten

N° 4204
Reçue le 08.06.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 7 juin 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4204 du 3 mai 2021 des honorables députés Messieurs Fernand Kartheiser et Jeff Engelen, concernant l'interdiction des vols à courte distance, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Ufro n° 4204 vum 3. Mee 2021 vun den honorabelen Deputéierte Fernand Kartheiser a Jeff Engelen zum Sujet "Interdiction des vols à courte distance"

D'Regierung envisagéiert keng Aschränkung vu bestoende Fluchverbindunge vum Findel aus.

Déi kierzte Strecke mat Destinatioun Paräis oder Frankfurt si wichteg fir Connectiounsflich an d'ganz Welt z'assuréiren.

D'Regierung engagéiert sech op europäeschem Niveau, fir datt d'Eisebunn méi attraktiv gemaach gëtt, dëst fir à moyen terme och Ubannungen u grouss Fluchhäfen a Stied fir Passagéier méi interessant ze maachen, esou datt d'Offer vun diversen Zuchverbindunge vu Lëtzebuerg an d'Ausland et de Passagéier erlaabt déi grouss Fluchhäfen a Stied och mat der Bunn z'erreechen.